# APPELLER

## Fir TV-Konzepter an Formater (Developpement)

Fir verstäerkt zesummenzeschaffen an d'Entwécklung vu Serien z'encouragéieren, déi iwwert den nationale Fernseesender gewise ginn, lancéieren de Lëtzebuerger Filmfong an RTL zwee gemeinsam Appeller, déi sech u Produzenten, Realisateuren, Zeenaristen an all aner Filmschaffend zu Lëtzebuerg riichten.

**1. Appell fir eng Serie Docu-Fiktioun oder historeschen Documentaire**

D'Serie Docu-Fiktioun oder historeschen Documentaire muss vun enger Dauer zweschen 26 bis 56 Minuten pro Episode sinn.
D'Haaptsprooch musss Lëtzebuergesch sinn. D'Interviews kennen an hirer Originalsprooch gehale gi mat d'Ënnertitelen op Lëtzebuergesch, Franséisch an/oder Englesch.

**2. Appell fir eng Fiktiouns-Serie**

D'Fiktiouns-Serie muss vun enger Dauer zweschen 26 bis 56 Minuten pro Episode sinn.

D'Haaptsprooch musss Lëtzebuergesch sinn, d'Ënnertitelen op Franséich an/oder Englesch mussen ageplangt sinn.

**Eligibilitéitskriterien**

All d'Projete sollen d'Diversitéit vun der Lëtzebuerger Gesellschaft integréieren.

All Dossier mussen déi folgend Element enthale sinn:

- Ausgefëllte Formulaire,
- Beschreiwung vum Konzept/Format,
- Fir de Projet Documentaire Serie, eng detailléiert Beschreiwung vun enger Episode (+/- 5 Säiten),
- Fir de Projet Fiktiounserie, 1 Pilot Episode als Treatment (1 Pilot Episode als ausgeschafften Zenario optional),
- Produktiounsopwand,
- Virleefege Budget,
- Propositioun vun engem Titel.

Projeten, déi bei virdrunge Appeller refuséiert goufen, kënnen erëm agereecht ginn, ënner der Bedingung, datt se zënterhier iwweraarbecht goufen.

**Delai a Formalitéite fir d'Areechungen**

Fir all Dossier muss eng Kopie un office@filmfund.etat.lu an secretariat@rtl.lu geschéckt ginn, a 2 Exemplare musse per Post op folgend zwou Adresse geschéckt ginn::

Film Fund Luxembourg
Sarah Bamberg
Mentioun "Appel FFL-RTL"
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

RTL Télé Lëtzebuerg
Steve Schmit
Mentioun "Appel FFL-RTL"
43, boulevard Pierre Frieden
L-1543 Luxembourg

## Delai fir d'Aschécke vun den Dossieren: 31 Dezember 2024

Zur Informatioun: D'Projete, déi zeréckgehalen ginn, mussen innerhalb vun dräi Joer prett sinn fir d'Diffusioun.